

Usprooch vum OGBL-Präsident Jean-Claude Reding, den 29. Abrëll 2014 zu Kayl

(Et gëllt dat geschwatent Wuert)

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Et ass mer eng Freed Verrieder vun der Gemeng hei begréissen ze kennen. Merci och fir hier Ënnerstetzung.

Well haut och d'Feierlechkeeten fir 175 Joer Onfhängekeet vun Lëtzebuerg sin, hunn sech d'Regierungsmemberen a vill Deputéierten entschellegt, e Merci un déi, déi awwer hei sinn, de Claude Haagen, de Frank Arndt an d'Taina Bofferding vun der LSAP, de Justin Turpel an den Serge Urbany vun déi Lenk. Ech hoffen keen vergiess ze hunn.

E Merci un d'Direktioun vun der Editpress s.a. déi hei vertrueden ass.

Ech begréissen och Verrieder vun der Direktioun vun der CSL.

Et ass mer och eng Freed Verrieder vun der Aleba begréissen ze kënnen an eng staark Delegatioun vun eise Frenn vun der FNCTTFEL.

E besonnesche Merci awer un d'Memberen vum Nationalvirstand vum OGBL an un d'Verieder vun de Syndikater, de Regionalen an Abteilunge vum OGBL.

Kolleginnen a Kollegen,

Bei der Joerdausendwend si mat vill Begeeschterung, jo bal mat Euphorie an der Organisatioun vun de Vereenten Natiounen zu New York ambitiéis Entwécklungsziler am soziale, wirtschaftlechen an ökologesche Beräich festgehale ginn.

D'Aarmut sollt reduzéiert ginn, d'Recht op Bildung an Ausbildung sollt verbessert ginn,

d'Recht op Aarbecht a sozial Ofsécherung sollt verbessert ginn,

de Klimaschutz an iwwehapt de Schutz vun eiser natierlecher Ëmwelt sollt verbessert ginn.

Déi Ziler, déi gesat goufe, ginn net erreecht, am Contraire et sinn deelweis keng Fortschrëtter, mä Réckschrëtter gemaach ginn.

Sécher, Lëtzebuerg am contraire zu villen anere Länner huet seng Engagementer an der Entwécklungspolitik agehalen, och no der Finanzkris vun 2008. Dat ass gutt esou.

An deem Zesammenhang wëll ech op déi positiv Aarbecht vun eiser ONG Solidarité syndicale am Ghana hiweisen. Dee Pilotprojet an engem Beräich vun der Sécurité sociale, deen an Zesummenaarbecht mat der Organisation internationale du travail (OIT) gelaf ass, gëtt elo vun der Regierung aus dem Ghana weidergefouert. Am Moment ass eng Delegatioun aus dem Ghana zesumme mat eisen Coopérant aus dem Ghana zu Lëtzebuerg a mir sinn och frou, datt se hei op eise Meeting sinn an och un eise Fest den 1. Mee am Centre culturel et rencontre Neumünster an der Stad am Gronn waärten deelhuefen.

Eis ONG huet aner Projetën am Zesammenhang mat dem Opbau an dem Zougang zur Sécurité sociale am Viséier, notamment um Cap Vert an an dem Burkina Faso a mir sollten och kucke wéi mer konkret den Opbau vu Gewerkschaften weltwäit ënnerstëtze kéinten.

Kolleginnen a Kollegen,

Insgesamt huet sech d'Situatioun vun der Aarbecht a ville Länner net verbessert mäi verschlechtert.

2013 hunn, laut der OIT, 202 Milliounen Mënsche keng Aarbecht an d'Tendenz geet weider no uewen. Am meeschten ass de Chômage a Süd- an Ostasien, a Schwarzafrika an an Europa geklommen.

Dat gëtt ausgenutzt, fir Loun- a Sozialdumping an eiser globaliséierter Ökonomie duerchzesetzen.

D'Affär vu Rana Plaza an der Textilindustrie am Bangladesh huet gewisen, zu welcher Katastrophe Sozialdumping féiert.

D'Uersaache sinn net kriminell Aktivitéiten, mä eng ökonomesch Politik, déi gleewen deet, datt eng schranken- a grenzelos Maartwirtschaft zu ökonomeschem Opschwonk an als Nieweresultat och zu manner Aarmut an engem bessere Liewe fir d'Majoritéit vun de Mënsche géif féieren.

Dat ass net wouer! D'Tatsaache beweisen dat. Déi steigend Ongläichheeten, de steigende Chômage, déi vill Aarmut, onmënschlech Aarbechtsbedingunge weisen, datt des Theorie net wouer ass.

A well dat gewusst ass, sinn déi vill Politiker, Economisten, Entrepreneuren a Financierën, déi an der Press, an der Politik an den internationalen Institutiounen des Theorie vertrieben zumindest matschëlleg un dem mënschleche Misär, deen des Form vu globaliséiertem an ongehemmtem, onkontrolléiertem Finanzkapitalismus mat sech bringt. Des Wirtschaftspolitik an des Ideologie vun der internationaler Kompetitivitéit, vum dauernde Wirtschaftskrich ass och ee vun de Fundamenter vun der politescher Instabilitéit, vun de Kricher, déi mer seit dem Zesummebroch vun der Sowjetunioun kennen. Schwarzafrika kënnt net zur Rou. Denke mer nëmmen u Somalia, de Ruanda, de Congo, de Sudan, Zentralafrika an nach muench aner Länner, déi vu grausame Kricher, ethnische Genoziden erschüttert ginn a wou een en Zesummebroch vu staatleche Strukture feststelle muss.

Denke mer un den islamisteschen Terrorismus, un Afghanistan, u Syrien awer och un déi arabesch Länner, wou et nom arabesche Fréijoer e Réckfall an e grausame Wanter gouf. Denke mer awer och un Europa, mat de bluddegen Ausernanersezungen an Ex-Yougoslawien an un déi aktuell Situatioun an der Ukraine.

Kolleginnen a Kollegen,

Am Zesammenhang mat der Ukraine sollte mer ganz viirsichtig sinn.

D'Situatioun an der Ukraine ass sozial a kulturell méi komplex, wéi dat duergestallt gëtt.

Et sollt een och net vergiessen, datt et och em knallhaart wirtschaftlech a geopolitesch Interessi geet, an dat net nëmmen op russescher Säit, mä och op der Säit vun der EU an der Nato.

Am Juli 1914 ass Europa an e grauevolle Krich erageschliddert, kee wusst esou richteg wéi et dozou koom. Den Historiker Christopher Clark huet d'Handele vun de verantwortleche Politiker, Staatsmänner, Diplomaten an Offizéier vun deemols analyséiert a si als Schlofwandler bezeechent. Si sinn eréischt erweckt, wéi de Krich lass gong an do wor et ze spéit. Dat dierf net nach eng Kéier geschéien. Mir hunn haut nach vill méi schrecklech Waffen an Europa ewéi 1914, mir hunn och nach ëmmer Nuklearwaffen. E Krich an Europa géif zur definitiver Vernichtung vun eisem Kontinent féieren. Ech hu mat Schrecken zu Bréissel Vertrieeder vun europäeschen Institutiounen héieren, déi begeeschtert ënnerstrach hunn, datt um Maidan zu Kiew Leit fir den europäesche Fändel gestuerwe sinn. Ech hunn du geduecht, datt mer et do och mat Schlofwandler ze dinn hunn.

Kolleginnen a Kollegen,

D'Europäesch Unioun stecht a schlechten Dicher. D'Vetrauen an d'EU, an hir Institutionen ass niddreg.

Verwonnerlech ass dat net, wann ee sech d'sozial Realitéiten ukuckt.

De Chômage loung 2013 op der Rekordhéicht vun 11%, dat si 26 Milliounen Mënschen;

de Jugendchômage ass héich;

prekär, onsécher Aarbechtskontrakter huelen zou; ongewielten Deelzäitaarbecht hëllt zou;

d'Akommesschéier ass ausenaner gaang, konkret: déi Räich gi méi räich, déi Aarm bleiwen aarm an hier Zuel gëtt méi grouss, well d'Mëttelschichten erofrutschen;

d'Zuel vun de Leit, déi schaffen an trotzdeem aarm sinn, hëllt zou.

D'Aarbechtsrecht gëtt ënner Drock gesat, et soll reforméiert d.h. manner streng gemaach ginn.

Haaptgrëffspunkte vun der Barroso-Kommissioun sinn 10 Joer laang, mat System folgend Themen gewiescht:

d'Aarbechtszäitregelungen, déi méi flexibel musse ginn; d'Ëntloossungsregelen, déi manner Schutz musse ginn, d.h. et muss méi einfach sinn, een z'ëntloossen;

d'Förderung vun prekären Aarbechtsverträgen (Zäitvertrag, Interimsaarbecht, onfräiwëlleg Deelzäitaarbecht).

Duerch dës Moossnahme sollen d'Entreprise derzou bruecht ginn, méi Aarbechtsplazen ze schafen.

D'Zuele vum Chômage weisen, datt dat net stëmmt.

Dereguléierung vum Aarbechtsrecht ass eng vun de Konstanten vun der aktueller EU-Kommissioun.

Eng aner Konstant ass den Drock op d'Salären. D'Barroso-Kommissioun ass der Meenung, d'Léin an der EU wieren ze héich an duerfir wier d'EU net kompetitiv. Duerfir mënschen se sech an d'Lounpolitik an, rekommandéieren z.B. Lëtzebuerg d'Ofschaffen oder zumindest eng kräfteg Aschränkung vun eisem Indexsystem.

Kolleginnen a Kollegen,

D'europäesch Industrie war gutt an ass nach ëmmer gutt, mä wa mer d'EU-Kommissioun an hirer Politik weiderfuere loossen, dann ass se geschwë futti.

D'EU-Kommissioun huet keng industriell Strategie.

Si hëllt keng Moossnahme géint Sozial- an Ëmweltdumping. Si mecht sech keng Gedanken iwwert déi negativ Auswierkung vun deem ze héijen Euro.

Si iwwerléisst dat der EZB an déi bekëmmert sech nëmmen em d'Währung- a Präisstabilitéit awer net em Industrie- a Wirtschaftspolitik an em d'Auswierkung vun hirer Geldpolitik op de Chômage.

Kolleginnen a Kollegen,

Net d'Saläre si Schold un der Kris, mä déi onverantwortlech Spekulationen vu Spëtzeleit aus der Finanzwelt, aus der Banken- an Assurancewelt, an aus der sougenannter Fongenindustrie. Wee vun deenen ass richteg zur Verantwortung gezu ginn? Keen!

De Risiko ass gedroe gi vun deenen einfachen Employéë am Finanzsektor, en ass gedroë gi vun de Staaten, de Regierungen, déi mat Milliarde Steiergelder den internationalen an europäesche Finanzsektor gerett hunn.

2008 an 2009 ass vill géint de Casinokapitalismus gewierdert ginn. Gemaach gouf net vill.

Haauptsächlech ass op Austéritéit gesat ginn fir déi europäesche Budgeten erëm z'equilibréieren an den Zesummebroch vum Euro ze verhënneren.

Dës Politik huet zu Sozialofbau gefouert, mat senge soziale Konsequenzen, zu nach méi Chômage an zu enger Veraarmung vu ville Mënschen.

Dës Politik huet zu weidere wirtschaftlechen Dereguléierung gefouert, zu weidere Privatiséierung vum öffentlechen Déngschtleeschungen.

Si huet systematesch d'Rechter vun de Salariéën an hire Gewerkschaften zeréckgedréckt, dës Politik huet eis mat System an de Lounverhandlung geschwächt.

Et ginn Alternativen zu dëser Politik.

Den Investitiounsplang vum EGB ass en Deel dovun.

Dozou gehéiert awer och eng Revaloriséierung vun der Roll vun der öffentlecher Hand an der Wirtschaft, eng Ofkéier jo eng Emkéier vun der Liberaliséierungs- a Privatiséierungspolitik vun öffentleche Servicer.

Dozou gehéiert eng Stärkung vun der Verhandlungspositioun vun de Gewerkschaften, vun de Rechter vun de Personalvertrieder.

Dozou gehéiert eng Revisioun vum Vertrag iwwert d'Koordinatioun vun de Budgetspolitike vun den EU-Länner, fir datt sozial- an ëmweltpolitesch Zilsetzung gläichberechtigt Ziler niewent de wirtschaftlechen an haushaltspolitischen Ziler ginn.

Dozou gehéiert d'Aféierung vun engem europawäite Mindestloun, dee par Rapport zu engem Pourcentage vum Duerchschnittsloun an all Land fixéiert muss ginn, e Loun deen iwwert dem Aarmutsseuil leie muss, deen un d'Inflatioun an un d'allgemeng Lounentwécklung ugepasst gëtt, deen also indexéiert an ajustéiert gëtt.

Mir hunn dës an aner Froën am Virfeld vun de Walen zum Europaparlament un d'Partei gericht. Déi meescht Parteien hunn eng bal 100% Ënnerstëtzung fir eis Fuerderunge zougesot.

Et stellt een sech dann natierlech Froen.

Wann ee fir eng Revisioun vum Traité iwwert d'Gouvernance économique ass, firwat huet een dat da beim Vote iwwert den Traité an der Chamber net kloer an däitlech gesot? Mä et ass nett ze spéit, fir dat nozehuelen.

Wann ee mat de Gewerkschaftspositiounen averstanen ass, da gëllt dat jo secher net nëmmen am Europaparlament, mä och am Conseil des ministres, wann een an der Regierung ass, an och an der Kommissioun, wann een d'Chance huet Kommissär ze ginn? Mir wäerten dat genee suivéieren.

Wichtig beim Choix de 25. Mee ass awer och ze kucke, wat de Programm vun den europäesche Parteien ass zu deenen déi national Lëschte gehéieren. Et ass keng national, mä eng europäesch Wal.

Wichtig ass do och, ze kucke, wat hir Positioun zu de Verhandlungen iwwer de Vertrag fir en transatlantescht Partenariat mat den USA zum Thema Fräihandel an Investitiounsschutz ass. D'Verhandlungsmandat wat 2013 ouni öffentlech Diskussioun vun der EU, der Kommissioun an der Regierung vun den 28 Mitgliedsstate festgehale gouf, geet extrem wäit a werft vill Problemer um sozial- an aarbechtsrechtlechen Niveau op, e riskéiert awer och déi europäesch Ëmweltnormen an de Konsumenteschutz z'ënnergruemen. D'Service publicen ginn erëm a Fro gestallt. An all deenen Domänen soll de Schutz vum Invest iwwert de Schutz vum Bierger gesat ginn. Duerfir sollen esouguer

Spezialgerichtsbarkeete geschafe ginn, déi äusserhalb vun der Ëffentlechkeet Streitegkeete solle regelen. Eis Gerichter ginn ausgeschalt.

Aus all deene Grënn verlaangen d'Gewerkschaften, de Konsumenteschutz, d'Ëmweltorganisatiounen, d'Drëtt-Welt-Organisatiounen an och etlech Bauerenorganisatiounen, datt déi Verhandlung gestoppt ginn.

Mir hun bei dem Accord näischt ze gewinnen awer vill ze verléieren.

Kolleginnen a Kollegen,

Sidd ganz kritesch bei ärem Vote de 25. Mee. Iwwerleet genee ier der är Stëmm ofgidd. D'Äentwerten op eise Questionnaire ginn iech eng Hëllef, mä kuckt och wat d'Haltung zum Fräihandels- an Investitiounsaccord mat den USA ass.

Den OGBL rífft och all seng Memberen, déi net hei zu Lëtzebuerg wielen, op, hiert Walrecht ze notzen. D'Europaparlament huet méi Afloss kritt an déi europäesch Politik ass de Kader vun de nationale Politiken.

Kuckt iech d'Programmer un, kuckt wat fir eng Politik d'Parteie vun de Kandidaten um nationalen an um europäesche Plang maachen a stëmmt fir déi Kandidaten, déi d'Gewerkschafte konkret ënnerstëtzen. Net stëmmen, ass e Feeler, des Stëmme feelen deene politesche Kräften, déi de Gewerkschaften nostinn. Aus Enttäuschung oder Protest nationalistesch oder Rietsparteien ze stëmmen, ass e Feeler, well des Parteien nach ni op eiser Säit stongen a well den Zeréck zu den Nationalstaaten keng Alternativ ass. Wat géif d'Erëmpriichte vun de Grenzposten zwësche Lëtzebuerg an der Lorraine, Rheinland-Pfalz, dem Saarland an der Belsch fir d'sozial Rechter, d'Akomes an d'Beschäftegung vun de Salarieën an eiser Region brengen? Näischt!

Nëmmen zesummen hunn mir eng Chance an net wa mer géint en aner ginn. Duerfir si mir och fir d'Coopératioun an net fir d'Compétitioun. D'Ideologie vun der Kompetitivitéit ass Gëft fir de soziale Fortschrëtt, fir déi friddlech Weiderentwécklung vun der EU. Et wär wichteg, wann och an der Politik do ëmgeduecht géif ginn.

Kolleginnen a Kollegen,

Och wann déi zentral politesch Décisiounen ëmmer méi um europäesche Niveau geholl ginn, heescht dat net, datt déi national Politik keen Afloss méi hätt, datt et keng Marge de manoeuvre méi géif ginn.

Déi wirtschaftlech Eckwäerter zu Lëtzebuerg sinn net schlecht, och d'Prognose fir dest an dat nächst Joer. Viraussetzung ass natierlech, datt déi europäesch Austeritéitspolitik net zu enger Stagnatioun oder zu enger Deflatioun an enger Rezessioun féiert, well dat hätt och Auswierkungen op Lëtzebuerg.

Sécherlech et gëtt Défiën ze meeschteren an duerfir ass déi Lëtzeburger Regierung gefuerdert, fir eng aktiv Roll an eiser Economie ze spillen an dat net nëmmen iwwert eng Politik, déi gutt a kloer Rahmebedingunge fir wirtschaftlech Aktivitéite garantéiert, mä och iwwert eng iwwerluechten awer konsequent Investitiounspolitik an eis Infrastrukturen, an eis ëffentlech Servicer, an iwwert hir Partizipatiounen a wichtige privaten an ëffentlechen Entreprises. Et gëtt keng Uersaach dese Rôle ze reduzéieren, am Contraire. Dat gëllt fir d'Aviatioun, de Bankeberäich, awer och de Kommunikatiounsberäich, den ëffentlechen Transport, den Energiesektor an de Logistiksektor.

Eis Industrielandschaft changéiert, hei misst niewent der Prospektioun vun neien Investisseuren, och méi staark op d'Erhalen an d'Weiderentwécklung vu bestehenden Aktivitéite gesat ginn.

D'Formatioun a besonnesch d'Formation continue am Industriesektor misst eng prioritär Aufgab sinn, fir d'Produktivitéit an d'Innovatiounskapazitéiten ze verbessern. Mä op deem Gebitt gëtt een d'Gefill net

lass, datt beim Patronat net sektoriell, mä reng betribelech geduecht gëtt. Et gëtt diskutéiert, mä et geschitt näischt.

Et gëtt zwar vum Sozialdialog geschwat, mä dee schéngt haaptsächlech sou verstanen ze ginn, datt et gëllt Accorden ze fanne fir d'Lounkäschten an d'Lounentwécklung ze bremsen, verschiddelech gëtt och probéiert d'Léin ze senken. Dat ass de falsche Wee! Qualitéitsaarbecht, méi héich Produktivitéit erreecht ee virrangeg iwwert eng Qualifizierungsoffensiv. An esou eng Politik muss mat de Salariéen an hire Vertrieeder a Gewerkschafte gefouert ginn an net laanscht si.

Duerfir bedauere mer, datt déi sektoriell Diskussiounen am WSR nëmmen am Schleeckentempo viruginn.

Duerfir kritiséiere mer, datt mir net an d'Aarbechte vum "Haut comité de l'industrie" agebonne gi sinn an datt déi versprochen Informatioun a Consultatioun nach ëmmer feelt.

Fir de Finanzsektor, deen och viru groussen Erausforderunge steet, gëllt dat selwecht. Och hei feelt e strukturéierten Dialog zwëschen Patronat, Gewerkschaften a Regierung. Och an deem Sektor ass eng Formatiouns- a Requalifizierungspolitik noutwenneg.

A wa mer dann ëmmer rëm gesot kréie, wéi wichteg d'Recherche ass, wann ëmmer erëm d'Bedeutung vun der Universitét als Zukunftsprojet ënnerstrach gëtt, dann ass et méi ewéi bedenklech wann d'Subventioun vum Staat fir d'Uni gekierzt ginn. Dat ass jo vum Präsident vun der Uni kritiséiert ginn a vum zoustännege Staatssekretär net kontestéiert ginn. Dat kann e puer Konsequenzen hunn:

- d'Entwécklung vun der Uni gëtt gebremst;

- den Afloss vu private Sponsore gëtt nach méi grouss an dat huet dann och Auswierkungen op d'Orientéierung vun der wëssenschaftlecher Aarbecht an den Ausbildungsprioritéiten - an d'Uni gëtt incitéiert bei hire Lounkäschten ze spueren, en Drock dee mer souwisou bei de KV-Verhandlungen spieren, déi ëmmer erëm verschleeft ginn,

- et kann och derzou féieren datt ee bei den Doktoranden hiren Indemnitéiten spuert oder bei de Studenten, andeems een d'Studiegebühren eropsetzt mat deem Argument, si wieren am Verglach mat anere Länner net héich.

Geforen, déi duerch des Spuerpolitik entsti si grouss.

Beim Stechwuert Studente wëll ech nach eng Kéier d'Opposition vum OGBL zum Projet de loi iwwert d'Studenteboursen ausdrécken. Wann des Reform esou realiséiert gëtt, da kréie vill Studenten am Endeffekt manner wéi virun der Reform vun 2010.

D'Bourse de base déi virgesinn ass, ass zwëschen 1.800 an 2.800 Euro manner wäert ewéi d'Kannergeld, dat e d'Student virun 2010 ze gutt hat. Den Ënnerschied hänkt vun der Zuel vun de Kanner am Stot of.

Bei der sougenannter Bourse sociale wäert sech schnell weisen, datt op Grond vun der Staffelung vun der Bourse, déi mannste Studenten méi ewéi 750 Euro ze gutt hunn. Bei enger Famill mat engem Akommes vu 4.000 Euro brutto pro Mount huet de Student wann een d'Bourse de base an d'Bourse sociale considéiert dann zwëschen 882 an 1.823 Euro manner ewéi mam Kannergeld fréier, ouni ze berücksichtegen wat en am ale Boursesystem ze gutt gehat hätt.

D'Bourse de mobilité werft hirersäits vill Ongereimtheeten an Ongerechtegkeeten op. Nei Diskriminatiounen fir Non-Résidenten, mä och fir Résidentë wäerten entsto. D'Haaptmotivatioun ass eng Spuerlogik déi esouguer méi wäit geet wéi erklärt gëtt, an dat well an der Rechnung vun der Regierung d'Aspuere beim Kannergeld an dem Boni enfant net mat gerechent gëtt a well de Käschtelpunkt vun der Bourse sociale vill ze héich ugesat gëtt.

Des Reform muss geännert ginn.

Wesentlech ass eng massiv Erhéijung vun der Bourse de base op ronn 4.600 Euro wat dem Wäert vum Kannergeld an dem Boni-enfant entsprécht, wann een d'Kannergeld un d'Preisentwécklung seit 2006 upasst.

D'Bourse sociale muss a senger Struktur a Staffelung ofgeännert ginn.

D'Bourse de mobilité muss méi differenziert gi fir de wirkleche Käschte bei der Mobilitéit Rechnung ze droen.

Et muss e System virgesi ginn, fir periodesch d'Montanten un d'Käschtenentwécklung unzepassen.

Schüler a Studenten hu massiv an disziplinéiert demonstréiert. Duerfir verdingen se Respekt an Unerkennung.

Wann d'Regierung net sérieux verhandelt an hire Gesetzesprojet am Sënn vun de studenteschen a gewerkschaftlechen Kritiken a Propositionen ännert, mecht se e grave Feeler.

An et si Suen do fir dese Projet ze änneren.

En passant well ech bemierken datt d'Approche beim Boursesystem och net grad berouegend ass en vue vun där geplangter Kannergeldsreform.

Kolleginnen a Kollegen,

Déi nei Regierung, ewéi déi al, bewegt sech nach ëmmer an enger Logik vu Reduzéierung vun de Staatsdépenses, si réckelt dobäi ëmmer de Budget vum Zentralstaat an der Virdergrond. Wesentlech ass awer de Gesamtbudget an do hu mer seit 2011 keen Defizit, mä en Equiliber, dat wäert och fir 2014 de Fall sinn.

D'Regierung geet da fir d'Joeren 2015-2017 vun engem Defizit zwëschen 1,6 an 0,6% aus, also largement ënnert der Limit vun 3%. Fir 2018 wier de Budget erëm am Equiliber. D'Rechnunge vun der CSL, déi e Freideg publizéiert goufen erginn, datt de Budget vill méi schnell an ouni weider Aschnëtter am Equiliber ass.

Ech erënneren drun, datt d'Schätzung vum Regierung traditionell virsichtig sinn an datt villes drop hindeit, datt z.B. d'Joer d'Recette méi héich ewéi geplangt wäerte sinn. Och bei den Investissementer an de Fongen gëtt et oft vill Spillraum.

Mir hu kee Problem domat, wann d'Regierung op hir Dépenses de fonctionnement oppasst, manner luxuriés an haaptsächlech méi effizient a séier baut.

Wann een d'Ausgabenentwécklung vun eenzelne Poste kuckt, wéi d'CSL dat an hirem Budgetsavis 2012 gemaach huet, da stellt ee muenchmol Erstaunlech fest. Zwëschen 2000 an 2011 hu sech d'Ausgabe vum Staat an der Moyenne verduebelt. D'Ausgaben fir den Enseignement lounen liewech iwwer der Moyenne, wat net iwwerméisseg vill ass a wou et derwäert wier emol d'Privatschoulen, de Religionsunterricht erauszerechnen. D'Ausgaben fir d'Armée gongen awer ganz staark erop, iwwerens och bei weitem méi ewéi dee fir d'Polizei ass.

Mir mengen, datt ee sech hätt kënne froën, ob et richteg war, de Militärbudget esou eropzesetzen. Par rapport zu deenen Ausgabesteigerungen an aneren (wéivill kascht de SREL?) stellt sech d'Fro firwat, datt Dépense fir d'Studente musse gekiirt ginn.

Einfach, awer falsch ass et och ze soen et sollen iwwerall 10% gespuert ginn.

Ech wëll dat just un engem Beispill weisen. Et gi vill anerer.

Wann d'Lycéeë gesot kréie, se sollen un hire Frais de fonctionnement spueren, dann gi se incitéiert fir den Drock weider ze ginn an zum Beispill e Loyer ze froen, wann d'CSL d'Klassesäll vun de Lycéeë benotzt fir hir Owescoursen z'organisieren. Gläichzäiteg sinn d'Subsidien un d'CSL och em 50% gekiirt ginn (ronn 70.000 € manner). Esou eng Politik geet op d'Käschte vum Zougang zur Weiterbildung, déi riskéiert méi deier ze ginn.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir hunn eis zënter 2009 géint eng Politik gewiert, déi versicht déi schaffend Leit, déi Aktiv an déi Pensionéiert, d’Kris bezuelen ze loossen.

Mir hunn den Index verdeedegt, net well dat eng helleg Kou ass, mä well et e Mëttel ass d’Kafkaaft vun de Leit hirem Akommes ze halen a well mer keen anert Mëttel zur Verfügung haten an hunn, fir dat Zil z’erreechen.

D’Reallounentwécklung wor awer téscht 2009 an 2014 an der Moyenne récklefeg.

D’Uersaache lounge sécherlech bei de schwieregen Tarifverhandlungen déi mer zënter 2008 an alle Sektoren erliewen.

Schuld un deser negativer Akommesentwécklung woren awer och d’Reduktioune vu Primen, d’Kuerzaarbecht an dat verspéit Ausbezuele vun den Indexranchen.

Och d’Erhéijung vun der Steuerlaascht huet eng Roll gespilt, ech erënneren un d’Krisesteier, d’Erhéijung vun der Solidaritéitssteuer, d’Kierze vun de Frais de déplacement an net ze vergiessen, déi schleichend Steuererhéijung, déi duerch d’Net-Upassung vun de Steuerbarëmen un d’Inflatioun geschitt ass an déi besonnesch déi kleng a Mëttelakommesse betraf huet.

Et dierf een och net Desindexéierung vum Kannergeld a vum Congé parental vergiessen, d’Erhéijung vun der Eegepartizipatioun bei der Krankekeess, de Splitting an duerno de Klau vun engem Rentenajustement.

Derbäi kënt déi onverschimmt Entwécklung vun de Wunnéngspräisser, déi gréisstendeels guer net am Index erfaasst sinn. An deem Zesammenhang sollt een och genee iwwerleeën an analyséiere wat d’Auswirkungen vun deene geplangten TVA-Ännerungen op d’Wunnéngspräisser an d’Loyeren kënnen sinn.

An dann dierf net vergiess ginn, datt de Chômage geklommen ass, vill Leit vu Sozialpläng a Licenciements collectifs betraff woren a sinn an duerwéinst och eng negativ Akommesentwécklung haten.

Alles dat erkläert fiwat vill Leit soen, datt si et méi schwéier hätten um Enn vum Mount iwwert d’Ronnen ze kommen a firwat Verschëldung vun de Privatleit zouhëllt.

Op deem Hannergrond si weider Verschlechterungen an der Familjepolitik net akzeptabel, op deem Hannergrond ass et och kloer fir eis, datt mer klip a kloer soen, datt fir eis Spuermoossnahmen op Käschte vun den Assuréen an der Sécurité sociale net a Fro kommen. Dat gëllt net nëmme fir d’Leeschunge vun der Krankenkeess, mä och fir d’Leeschunge vun der Assurance-dépendance, fir de Reclassement, d’Invaliditéit a fir d’Chômage’s Indemnitéiten.

Kolleginnen a Kollegen,

Wann am Januar d’TVA eropgeet, ass dat eng Steuererhéijung déi zu Präiserhéijunge wäert féieren. Grad dofir ass et wichteg, datt den Indexmechanismus erëm normal spillt.

Op Grond vun der insgesamt niddreger Preisentwécklung an dem eemolegen Effekt vun der TVA-Erhéijung gëtt et kee wirtschaftleche Grond fir den Indexsystem erëm eng Kéier ze manipuléieren. Wichteg ass d’Iwwerwaache vun der Präisentwécklung, fir datt verhennert gëtt, datt d’TVA-Erhéijung ausgenutzt gëtt, fir d’Präismargen auszedehnen.

Wichteg ass och, datt Staat, Gemengen an d’Entreprises publiques oppassen net duerch Taxen a Präiserhéijungen am Ufank vum Joer d’Präisentwécklung nach weider an d’Luucht ze driewen.

Déi nei Regierung huet gesot si géif de Wuerekuerf net manipuléieren an och keng aner fundamental, strukturell Ännerunge vum Indexsystem duerchféieren. Dat ass gutt esou.

Fir den OGBL gëtt et kee Grond fir erëm en neit Gesetz ze stëmmen, fir datt den Index verspéit ausbezuelte gëtt, mä vill gutt Grënn zum ale System zrëckzekommen.
Dat ass am Interessi vum soziale Fridden an dem nationale Sozialdialog. Dat erlaabt eng differenziéiert Kollektivvertragspolitik. Dat wär e positivt Zeechen a Richtung vum Erhale vun der Kafkraaft, dat ass wichteg fir vill Salariéën a Rentner an et ass och wichteg fir e groussen Deel vun eiser Economie.

Kolleginnen Kollegen,

D'Regierung huet eng Steuerreform ugekënnegt.

Fir eis geet et dobäi drëm méi Steiergerechtheet z'erzilen zwëschen héijen an niddrege Revenuën – d'Steierbarème mussen iwwerschafft ginn an un d'Inflatioun ugepasst ginn.

Mir musse méi Gerechtheet bei der Besteuerung vu Revenuën aus der Aarbecht a vu Revenuën aus Kapital kréien.

D'Steierbemessungsgrundlagen bei de Privatpersounen, mä awer och bei den Entreprisen mussen iwwerpréift ginn.

Et muss iwwerpréift an analyséiert ginn firwat d'Part vun de Betriebssteieren am Gesamtsteierofkommens zrëckgeet.

D'Steierhannerzéiung muss bekämpft ginn, gegebenenfalls muss och den Héchststeuersaz bei der Akommessteuer am Kader vun enger Reform vun de Barëmen eropgesat ginn.

An Theme wéi Verméigenssteuer, Ierfschaftssteuer, Kierchesteier däerfen och keen Tabu bei der Diskussioun sinn.

Den OGBL erwaart eng oppen, transparent Diskussioun zu dem Thema "Steierreform".

Kolleginnen a Kollegen,

Am Kontext vun der Wirtschaftskris sinn d'Aarbechtskonditiounen a ville Beräicher net besser ginn. Den Drock huet zougeholl. D'Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten ass oft e Synonym fir onregelméisseg Aarbechtszäiten, déi zu private Konfliktsituatiounen féieren. Déi wuessend Zuel vu prekären Aarbechtsverhältnissen an d'Angscht virun der Aarbechtslosegkeet hunn negativ Auswierkungen op d'Gesondheet vu ville Leit. Psychosozial Krankheeten huelen zou, "burn out" an Depressiounen gi méi heefeg. A falschen, negative Stress féiert och zu aneren physische Krankheeten. Mir bräuchen hei eng Aktioun an e puer Richtungen.

Et gëllt d'Aarbechtsorganisatioun a ville Betriber z'iwwerpréifen an ze verbesseren.

Der Sécherheet an der Gesondheitsförderung op der Aarbechtsplaz mussen méi en héijen Stellenwert zoukommen.

Duerfir bräuche mer en Ausbäue vun der Aarbechtsmedizin. D'Salariéën, hir Personalvertrieder an hir Gewerkschaften awer och d'Betriber bräuchen d'Hëllef vun enger performanter Aarbechtsmedizin.

Hei ass eng grundlegend Reform néideg fir e groussen, nationale Service ze schafen, deen d'Mëttele muss kréien net nëmmen déi klassesch medizinesch Ënnersichungen duerchzeféieren, mä fir e vill méi breede Spektrum un Déngschtleeschungen ubidden ze kënnen.

Duerfir bräuche mer awer och e staarkt Aarbechtsrecht, dat d'Salariéë géint Willkür schützt, dat garantéiert, datt d'Entloossung, besonnech bei wirtschaftleche Schwierigkeeten, dat lescht Mëttel ass, duerfir bräuche mer Schutz géint eng eesäiteg opgezwoenge, reng ökonomesch motivéiert Flexibiliséierung, déi keng Rücksicht op déi sozial a gesondheetlech Konsequenzen hëlt.

Duerfir mussen prekär Aarbechtsverhältnissen déi grouss Exzeptioun bleiwen.

D'Anhale vun de Gesetzer muss kontrolléiert ginn. Wa se net respektéiert ginn, muss dat bestrooft ginn. Mir hunn ze vill Bestëmmungen, wou keng Strofen oder lächerlech gereng Strofe virgesi sinn, wa se net respektéiert ginn.

Fir ze kontrolléieren, bräuch een eng Polizei.

Duerfir brauche mer d'ITM, hir Aufgab däerf net nëmme sinn z'informéieren, ze beroden, mä si muss haaptsächlech kontrolléieren a si muss bei Verstéiss géint aarbechtsrechtlech Bestëmmunge konsequent sanktionnéieren a si muss och déi néideg Befugnisser kréie, fir Verstéiss géint d'Aarbechtsrecht bestrofen ze kënnen.

D'ITM muss d'Polizei an der Aarbechtswelt sinn. Duerfir bräuche se d'Befugnisser an d'Personal. An deem Sënn bräuche mer eng Reform vun der ITM.

E gudden Aarbechtsklima, gutt Aarbechtsbedingunge reduzéieren an der Moyenne de Krankheitsstand op der Aarbecht, si reduzéieren d'Käschte fir d'Mutualitéit vun den Entreprises a fir d'CNS. Si fördern d'Motivatioun vun de Mataarbechter an domat hir Produktivitéit an hir Innovationsfähigkeit.

Fir dat z'erreechen, bräuch een unerkannten, respektéiert a qualifizéiert Personalverriedungen, déi op Experten a Conseilleren zrëck kënnen gräifen, déi genügend Zäit hu fir hir Missiounen kënnen z'erfüllen, fir sech fir hir Missiounen kënnen ze forméieren.

D'Rechter vun de Personaldelegéierte mussen dringend verbessert ginn, soss brauche mer net iwwert de Sozialdialog ze diskutéieren, soss bleift deen iwwerflächlech, eidel an am Endeffekt zwecklos. Duerfir muss d'Gesetz iwwert déi Reform vun der Delegatiounsgesetzgebung schnell an ouni weider Verschlechterunge verabschied ginn.

Wichtig am Sënn vun enger Stärkung vum Sozialdialog wär och eng Diskussioun iwwert eng Reform vun eisem Kollektivvertragssystem a besonnesch vun eiser Schlichtungs- a Streikprozedur.

Kolleginnen a Kollegen,

D'Beschäftigungspolitik, d'Bekämpfung vum Chômage muss eng zentral Aufgab fir d'Regierung sinn. Et geet net duer, dat ze deklaréieren an ze soen, datt ee sech regelméisseg als Regierung mat der Direktesch vum Aarbechtsamt trëfft.

An et ass e falscht Signal fir als éischt Moossnam d'Bestëmmungen ze verschäerfen ënnert deenen d'Chômeure mussen eng Aarbecht unuelen. Dat neit Reglement vun der Regierung werft vill Problemer op a setzt e falscht Signal. Et ass och ouni Diskussioun am CPTÉ an am Comité de suivi vun der Adem decidéiert ginn. Et ass nach e Projet an et ass net ze spéit nach ze diskutéieren an et ze verbessern.

Wann et net ofgeännert gëtt, bedäit dat, datt mer als OGBL eis Politik vis-à-vis vum Arbeitsamt ännere mussen, datt mer mussen e Service ariichte fir de Leit ze hëllefen, fir hinne juristesch an administrativ Hëllef géint negativ Décisiounen vun der ADEM unzebidden.

Viru kuerzem gouf de Projet de loi iwwert d'Beschäftigung vun de Seniore déposiert, de Projet de loi kann e Fortschritt sinn, awer nëmme wann d'Reform vun der Delegatiounsgesetzgebung kënnt. E wäert och nëmme funktionnéieren, wann de Comité permanent du travail et de l'emploi funktionnéiert, bis elo huet en dëst Joer nach keng eenzeg Kéier getagt.

Firwat datt dann en plus dëse Projet benotzt gëtt, fir d'Referenzperiod fir d'Aarbechtsorganisatioun vun den Deelzäitarbechter vu véier Wochen op véier Méint eropzesetzen, gëtt net erkläert an ass falsch.

An engem Moment wou déi onfräiwëlleg Deelzäit zouhëllt, ass dat eng Verschlechterung besonnesch op Käschte vun de Frae, well Deelzäitaarbecht gëtt zu 80% vu Fraë gemaach.
An datt Fraën an der Aarbechtswelt nach ëmmer diskriminéiert ginn, geseit een exemplaresch am Botzsektor, wou Deelzäitaarbecht besonnesch heefeg ass,
wou all Schwächten an eisem Aarbechtsrecht schamlos ausgenutzt ginn,
wou d'Aarbecht vun de Fraen net als qualifizéiert Aarbecht unerkannt gëtt, obwuel et entpreechend Geriichtsurteeler gëtt,
wou d'Patronat net ausbildt, obwuel de Nettoyeur de bâtiment als Ausbildungberuff besteet.
Déi nei Regierung ass ugetruede, fir d'Rechter vun de Fraën opzewäerten.
Si wëll positiv Reformen am Scheedungsrecht a beim Avortement duerchféieren. Dat ass gutt.
Si wëll den Taux d'emploi vun de Fraën eropsetzen. Mir kënnen dat begleeden, wann et zu Verbesserungen z.B. beim Congé parental an senger Indemniséierung féiert, wann et zu Fortschreitter bei der Individualiséierung vun de Rechter am Renten- a Steierrecht féiert, wa konsequent beim Aarbechtsrecht drop opgepasst gëtt, datt d'Moosnahmen, déi geholl ginn, net op Käschte vun de Fraë ginn, mäi dat ass awwer de Fall bei där geplangter Form vu Flexibiliséierung vun der Deelzäitaarbecht.
Anstatt esou falsch Moosnahmen ze huele, wär et wichteg d'Botzfraën an hirem Kampf fir e bessere Kollektivvertrag an d'Unerkennung vun hirer Aarbecht z'ënnerstëtzen.

Kolleginnen a Kollegen,

Och zu Lëtzebuerg sinn déi Jonk besonnesch vun den Auswierkunge vun der europäescher Austeritéitspolitik beträff. De Chômage vun deene Jonke leit iwwert der Moyenne, si sinn haaptsächlech beträff vun der Prekariséierung. Si mussen oft CDD an Interimsaarbechten akzeptéieren, déi schlecht bezuelt sinn.
Si kënnen sech duerfir och ouni d'Ënnerstëtzung vun hiren Elteren kaum en autonomt Liewen opbauen.
Si ginn oft a Beschäftigungsmaassnahme geparkt.
Si sinn d'Affer vun enger Politik, déi d'Ufanksléin systematesch dréckt.
Si kréien e schlecht Gewësse gemaach a gesot, si hätten net genuch geléiert oder dat falsch geléiert.
Dobäi hu mer méi ausgebildt an diploméiert jonk Leit wéi je. A wann een dat seet, kënn op eng Kéier d'Argument d'Diplomer wäeren näischt méi wert.
Déi Jonk si liddreg, d'Schoul daagt näischt, gëtt da behaupt, sou einfach ass dat.
Dat ass falsch. Eis Kanner sinn net liddreg, si sinn net domm a si hunn e Recht op eng gutt a fair bezuelten Aarbecht.
Dat muss d'Zil vun der ominéiser "Garantie Jeunes" sinn an do sinn d'Betriber an awer och de Staat an d'Gemenge gefuerdert. Dat dauernd Kregéils iwwert déi Jonk, iwwert d'Enseignanten, iwwert hir Elteren, déi hir Responsabilitéit net géifen iwwerhuelen, iwwert eng falsch Bildungs- an Orientéierungspolitik geet largement laanscht déi wierklech Problemer an entléisst d'Wirtschaft an d'Politik vill ze einfach aus hirer Verantwortung.

Kolleginnen a Kollegen,

D'lescht Joeren hate mer zwou Walen hei am Land:
d'Sozialwalen an déi politesch Walen.

Bei de politesche Walen ass et zu engem Wiessel komm.

Déi nei Regierung huet ugekënnegt gesellschaftspolitesch Reformen ze réaliséieren, d'Land ze moderniséieren an ze demokratiséieren. Mir kënnen dat begleeden.
Eng wichteg Zielsetzung ass dobäi fir ze versichen, eis politesch Demokratie un de Fait unzepassen, datt geschwënn eng Majoritéit vun de Leit, déi am Land wunnen, net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn.

Ze versichen hinnen ënner bestëmmte Bedingungen d'Walrecht bei de Nationalwahlen ze ginn, ass eng richtig an nobel Zilsetzung. Dat ass net einfach, well et kann zu falschen Auseinandersetzungen féieren. Mä et ass richtig an dofir bidde mir an dëser Fro der Regierung eis Zesummenaarbecht un.

Bei de Sozialwahlen huet den OGBL gewonnen an ass als déi grouss Gewerkschaft vun de Salariéënen aus dem privaten an dem öffentlechen Sektor bestätegt ginn. Den LCGB wollt op iwwer 20 Sëtzer bei de Wahlen fir d'CSL kommen, si hunn nach e Sëtz verluer a leie bei 15, a si hu manner ewéi 30% vun de Stëmme, den OGBL leit bei iwwer 60%.

Mir bleiwen am OGBL der Meenung, datt de sougenannte Gewerkschaftspluralismus de Salariéënen näischt bréngt. An engem eenzegem Dachverband, wou et en interne Pluralismus gëtt, wou déi weltanschaulich Meenunge vu jiddferengem respektéiert ginn, kënnen, eiser Meenung no, déi kollektiv a besonnesch déi individuell Rechter vun de Salariéënen méi efficace verdeedegt ginn. D'Kollege vum LCGB refuséieren aus ideologeschen Grënn an déi Richtung ze goen. Dont acte! Mir offréieren awer och weider hinnen an deenen anere sektoriellen Gewerkschaften iwwer eng strukturell Kooperatioun mat dem Zil vun der Schafung vun engem nationale Gewerkschaftsbond ze diskutéieren.

D'Resultat vun de Sozialwahlen ass awer och fir den OGBL eng Bestätegung fir seng offensiv Politik an deene leschte Jore, fir seng Verdeedegung vun eise sozialen Acquisen. Mir wäerten op dësem Wee weidergoen.

Mir si politesch onofhängeg, mir sin nett neutral a soen eis Meenung,
mir si finanziell onofhängeg,
mir si staark durch eis geschwë 70.000 Membere,
mir maache Virschléi,
mir si bereed ze verhandelen an akzeptabel, zukunftsweisend Kompromisser ofzeschléissen.
Mir kënnen awer och nee soen a mir hunn och d'Responsabilitéit neen ze soen an eis ze wiere, wa politesch Décisionen solle geholl ginn, déi sech géint d'Interessi vun eise bal 70.000 Memberen a vun eisen iwwer 100.000 Wieler wenden.

D'Patronat muss wëssen an akzeptéieren, datt se souwuel um nationalen ewéi um sektoriellen a betriebléchen Plang, just ee seriösen a verlässlechen Verhandlungs- a Gesprächspartner hunn, den OGBL, si sollen dat akzeptéieren a sech duerno richten. Si hunn dat jo och a muench KV-Verhandlungen an der leschter Zäit gemierkt.

Mä och d'Regierung muss dat gesinn an akzeptéieren.

Den OGBL huet keng Rücksicht op eng schwaarz-rout Regierung geholl, den OGBL hëllt och keng Rücksicht op eng blo-rout-gréng Regierung, wa se eng falsch Politik mecht an déi sozial a materiell Interesse vun de Salariéënen net respektéiert.

Mir schaffe mat, wann et dremms get fir méi e solidarescht, méi en demokratescht a méi e sozialt Lëtzebuerg ze schafen an engem Europa, dat fir soziale Fortschritt an net soziale Réckschritt steet a mir wieren eis géint sozial réckschrittlech Moosnamen. Mir wieren eis wann eng Politik vu sozialem Réckschritt soll gemach gin.

Vive den OGBL!

Vive den 1. Mee!